N° 6125
Reçue le 29.04.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.04.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/04/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Sozialversécherung weiderzeleeden.**

D'Verhandlunge ronderëm de geplangte Remboursement vun der Psychotherapie duerch d'Krankekeesen hale weider un. Ëmmer nees gi vun de Ministeren nei Datumer genannt, un deenen sech d'Verhandlungsparteie wäerten zesummesetzen, fir e finalen Accord ze fannen, mee bis elo ouni Resultat. Dobäi ass d'Urgence grouss a vill Patiente waarde säit Joren op d'Méiglechkeet, dass d'Käschte vun der Psychotherapie vun de Keesen iwwerholl ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéini waren déi lescht Verhandlungen an dësem Dossier?

2. Wat ass den aktuelle Stand vun de Verhandlungen?
   Firwat gëtt keen Accord fonnt?
   Wéi gesinn déi aktuell Positioune vun de Verhandlungsparteien aus a wisou loossen sech dës net vereenegen?

3. Wéi eng Pisten huet d'Regierung an de vergaangenen 12 Méint probéiert, fir een Accord z'erreechen?

4. Wat gedenkt d'Regierung an Zukunft ze maachen, fir den Dossier net nach weider laang Joren onclôturéiert ze loossen?

5. Ass d'Regierung der Meenung, dass fräischaffend Psychotherapeute mat Praxissen, déi dezentral iwwert d'Land verdeelt sinn, en essentielle Pilier vun der medezinescher Prise en charge am Beräich vun der Santé mentale duerstellen?
   Oder gesäit d'Regierung de Fokus vun hirer Gesondheetspolitik hei éischter bei Behandlungen duerch Psychotherapeuten an zentrale Strukture wéi z.B. Spideeler?
   Wéi beaflosst dës Approche zu engem éischter zentraliséierten oder dezentraliséierte System d'Verhandlunge ronderëm de geplangte Remboursement vun der Psychotherapie?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

www.piraten.lu